

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Laut dem Leserbréif vun der Presidentin vun der „Association luxembourgeoise des aides-soignantes“ vum 30. November 2022 am „Luxemburger Wort“ stelle sech d'Aide-soignanten aktuell d'Fro, wéi et ëm d'Zukunft vun hirem Beruff steet. An engem Dokument um Site vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend vum 3. Mee 2021, dat mat „La réorganisation de la formation des professions de santé au Luxembourg“ iwwerschriwwen ass an zu deem och e „Schéma organisationnel“ gehéiert, gëtt de Beruff vum Aide-soignant nämlech net méi ernimmt.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Bleift de Beruff vum Aide-soignant no der Reorganisatioun vun der Formatioun vun de Gesondheetsberuffer weider bestoen?
 - Wa jo, wéi eng Attributiounen kritt en?
 - Wéini ginn d' Attributiounen nei definéiert?
 - Wann net, firwat net?
 - Duerch wéi eng Qualifikatiounen gëtt den Aide-soignant ersat?
- Wéi eng Perspektive kréien déi aktuell Aide-soignanten ugebueden?
- Ass bei der Reform mat de Représentante vun den Aide-soignantë geschwat ginn?
 - Wa jo, wat war d'Conclusioun vun deene Gespréicher?
 - Wann net, firwat net?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.



Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an der Gesondheitsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7275 vun der honorabelen Deputéiert Martine Hansen

Ad 1)

Den Aide-soignant ass e wichtege Gesondheitsberuff, sief dat am Spidol oder Secteur extrahospitalier.

An deem Sënn huet de Gesondheitsministère de Projet "*Réactualisation des attributions de la profession d'aide-soignant*" realiséiert. Duerch dëse Projet gëtt d'Kooperatioun zwëschen de Gesondheitsberuffler verstärkt, dëst ronderëm a mam Patient. Dëse Projet ënnersträicht an erkennt d'Plus-value vum Beruff vum Aide-soignant fir de Gesondheetssystem an am Generelle fir d'Gesondheet vun der Populatioun zu Lëtzebuerg un.

Am Kader vun dësem Projet gëtt de "champ d'exercice" (Aktivitéitsberäich) definéiert souwéi d'Responsabilitéite vun dësem Beruff an d'Hauptaktivitéite vum Aide-soignant wéi ënnert anerem d'Missiounen, d'Tâchen an d'Attributiounen vum Aide-soignant, gi beschriwwen.

Den aktuelle Projet gesäit keng Changementer um Niveau vum Inhalt vun der besteeënder Formatioun vir. De Beruff vum Aide-soignant soll och no der Reorganisatioun vun der Formatioun vun de Gesondheitsberuffer weider bestoen. Dat ugeschwatent Schema beinhalt d'Formatioun vum Aide-soignant net, well d' Vokatioun vun deem Schema déi ass, de Passage aus dem Enseignement secondaire an déi verschidde Formatiounen am Héichschoulberäich duerstellen.

Ad 2)

D'Perspektiv vum Aide-soignant am Beräich Formatioun ass eng Integratioun an d'Formatioun vum Infirmier am ESG, dëst sous forme vun enger "*Admission conditionnelle*", déi an der Kompetenz vun der Direktioun vum Lycée Technique pour Professions de Santé (LTPS) läit.

Op där anerer Säit gesäit de Projet "*Réactualisation des attributions de la profession d'aide-soignant*" vir, datt den Aide-soignant d'Méiglechkeet huet, während der Carrière nei Kompetenzen an/oder spezifesch Qualifikatiounen duerch Weiterbildung ze léieren, déi em erlaben, nei Funktiounen am Gesondheetssystem auszeüben.

Ad 3)

De Gesondheitsministère huet en Aarbechtsgrupp ronderëm dëse Projet organiséiert, mat de Vertrieder vun der Association Luxembourgeoise des Aides-Soignants, Aide-soignanten aus de verschiddene Secteuren (Spidol, Alters- a Fleegeheemer, Réseau d'aide et de soins à domicile) a Vertrieder vum Lycée Technique pour Professions de Santé.



D'Conclusioun vun dësen Aarbechten ass e Projet, deem de Beruff vum Aide-soignant valoriséiert a promovéiert. Dëse Projet ass d'Resultat vun enger räicher an interessanter Collaboratioun zwëschen de verschiddene Memberen vum Aarbechtsgrupp.

Wéi ënner Punkt 1 beschriwwen, ass keng Ännerung an der Formatioun vum Aide-soignant virgesinn. Sollt dat sech änneren, gëtt natierlech mat de Representante vun den Aide-soignantë geschwat.

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH